

Rapport d'activité 2024



Meng Inspiratiounsquell



100komma7.lu

D'Missioun vum Média de service public 100,7

Mir begleede Lëtzebuerg duerch den Dag

Mir informéieren an inspiréieren

De Radio am Dénsgsch vum der Allgemengheet

De Média de service public 100,7 ass dat öffentlich-rechtlich Medienhaus zu Lëtzebuerg. D'Zil vun den 100,7-Radien ass et, déi villfältig Realitéite vun enger Gesellschaft am permanente Wandel ze reflektéieren. Am Aklank mat senger Missioun bitt den MSP 100,7 Noriichten, Aktualitéit aus Kultur a Gesellschaft esou wéi musikaalisch an edukativ Ënnerhaltung, mam Zil jiddwerengem aus der Gesellschaft e breeden Zougang zu sengem Programm ze offréieren. De Média de service public 100,7 ass en onofhängegen Etablissement public.

radio 100,7 - Meng Inspiratiounsquell

opus 100,7 - Fill Dech doheem, iwwerall





Virwuert vum Direkter

Mat méi Mëttle wisst och d'Responsabilitéit. D'Joer 2024 war dat éischt, dat vun der 3. Finanzéierungskonventioun tëschent dem Staat an dem Média de service public 100,7 ofgedeckt gouf. Dëst Ofkommen, dat bis 2030 leeft, mécht et méiglech, nei Projeten unzegoen: De Klassikradio opus 100,7 ausbauen, souwuel inhaltlech wéi technesch méi ambitiéis Audioformater entwéckelen, nieft der klassischer Radiodiffusioun och déi digital Méiglechkeete voll notzen an de Kanner eng eegen Offer op Lëtzebuerger gesch ubidden.

Fir aus all dësen Iddien am Sënn vum Public e kohärent Ganzt ze schafen, huet den MSP 100,7 sech Ufank 2024 eng mëttelfristeg Strategie ginn, déi all dësen Initiativen e Kader gëtt. Un der Spëtzt stinn d'Wärter vum Haus: Onafhängegkeet, Vertrauen, Dialog, Courage an Orientéierung. D'Missioun definéiert, wat den MSP 100,7 haut all Dag esou gutt wéi méiglech leescht: "Mir begleet Lëtzebuerg duerch den Dag. Mir informéieren an inspiréieren. De Radio am Dénagscht vun der Allgemengheet." D'Visioun weist, wou mir hi wëllen: "Mir beweegen, begeeschten a prägen Lëtzebuerg, Dag fir Dag." An déi véier strategesch Prioritéite leeë fest, wat mir eis am Spezielle fir déi nächst fënnef Joer virgeholl hunn.

Méi Nolauschterer an Nolauschterinnen erreechen

Dat éischt Zil vun engem Service public muss et sinn, de Public ze erreechen. An deem Sënn schafft de radio 100,7 permanent drun, seng Programmer un d'Besoinen vun den Nolauschterer an Nolauschterinnen unzepassen. Déi nei Formater Moiesstudio a Mëttesrascht sinn zwee Beispiller aus dem Joer 2024. Doriwwer eraus huet de Radio sech reegelméisseg ausserhalb vu senger Studioe gewisen, a mat den Aircheck Sessions Lëtzebuerger Museker eng Bün ugebueden, fir sech dem Public ze presentéieren. Parallel huet den MSP 100,7 sech e Publikumsrot an eng formell Feedbackprozedur ginn, fir um Bols vu sengen Nolauschterer an Nolauschterinnen ze bleiwen.

D'Offer verbreedden

Déi nei technesch Méiglechkeeten erlaben haut Radio net nëmme live ze lauschten, mee eenzel Beiträg och no sengem perséinleche Rhythmus à la demande ofzeruffen. Doriwwer eraus investéiert den MSP 100,7 an nei Formater, déi vun Ufank u fir déi digital Plattformen entwéckelt ginn. No dem Erfolleg vum Podcast

"Schlechte Schüler", huet de radio 100,7 eng Feature-Ekipp opgebaut, déi reegelméisseg déif an d'Aktualitéit andaucht an hir Recherchen am Format "Zeenewiessel" opwänneg vertount. Och de Webradio fir klassesch Musek, opus 100,7, gëtt mat Podcast-Formater wéi "The Dora Journey" oder "Hanner den Téin" beräichert.

Dem digitale Wandel virgräifen

Och wann digital Outilen, Plattformen an Technologien haut Alldag sinn, geet dës Entwécklung ongebrems weider, mat Risiken an Opportunitéiten. Den MSP 100,7 huet vill Energie investéiert, fir d'Offer op senger Websäiten a senger mobiller Applikatiounen esou komplett wéi méiglech ze gestalten. Och intern gëtt d'Radiostudiotechnik um leschte Stand gehalen. An den nächste Jore wäert et drëm goen, d'Potential vun neien Technologien, wéi LLM a KI, richtig anzuschätzen, an och mat der Lëtzebuerger Sprooch benotzbar ze maachen.

Der Diversitéit gerecht ginn

Eng vun de gréissten Erausforderunge fir e Radiosender op Lëtzebuerger ass et, der Diversitéit vun eiser Gesellschaft gerecht ze ginn: sief et no bause fir de Public oder no bann bei de Mataarbechter:innen. Mee just well et schwiereg ass, ass kee Grond et net unzegoen. Den MSP 100,7 analyséiert esou den Apport, deen ee beim Erléiere vun der Lëtzebuerger Sprooch abréngen kann. D'Kannerkëscht ass e Schrëtt an dës Richtung bei deene Jéngsten. Mee och bei den Erwuessene schaffe mir drun, eng nätzlech Roll ze spillen.

Den MSP 100,7 huet den Exercice 2024 mat engem Iwwerschoss vun 972.285 Euro ofgeschloss. Nom Defizit vun 404.271 Euro am Joer 2023 war schonns am Budget en Excedent virgesinn. Den Etablissement public bleift domat och weider finanziell zolidd opgestallt fir seng Visioun ze erfëllen.

Op deem Wee kënnen mir op den Asaz vun der ganzer Ekipp vum MSP 100,7 zielen. Dofir soen ech hinne villmools Merci. Dee gréisste Merci geet awer un d'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer vum radio 100,7, dem opus 100,7 esou wéi un d'Notzer:innen vun eisen digitale Services: Et ass firlech, wou mir schaffen an Är Zefriddenheet ass eis gréisst Motivatioun.

Jean-Lou Siweck
Direkter

Strategie 2024-2028

De Média de service public 100,7 wëllt sech weiderentwéckelen. Mat engem neie rechtecke Kader, mam Gesetz vum 12. August 2022, an enger neier Finanzéierungskonventioun fir d'Joren 2024 bis 2030 huet d'Medienhaus déi néideg Basis fir sech och laangfristeg Projete virzehuelen. An deem Kontext huet den MSP 100,7 sech Ufank 2024 eng Strategie fir déi nächst fënnf Joer ginn, also kloer Prinzipien a Reegelen, wéi mir schaffen, wat eis Prioritéite sinn a wou mir grondsätzlech hi wëllen.

Dem MSP 100,7 seng Aarbecht ass a fundamentale Wäerter verankert. Dës sinn: Onofhängegkeet, Vertrauen, Dialog, Courage an Orientéierung.

D'Missioun vum MSP 100,7 ass: Mir begleet d'Lëtzebuerg duerch den Dag. Mir informéieren an inspiréieren. De Radio am Dénagscht vun der Allgemengheet.

Eis Prioritéite fir d'Joren 2024 bis 2028 sinn:

**Dem digitale Wandel virgräifen;
Méi Nolauschterer an Nolauschterinnen erreechen;
D'Offer verbreedem;
Der Diversitéit gerecht ginn.**

D'Zil vun dësen Prioritéiten ass et der Visioun vum MSP 100,7 esou no wéi méiglech ze kommen: Mir beweegen, begeeschten a prägen d'Lëtzebuerg, Dag fir Dag.

Fir d'Ëmsetze vun der Strategie huet d'Haus sech e Prozess ginn, an deem konkret Mesuren definéiert ginn, d'Responsabilitéiten an d'Delaie kloer fixéiert sinn an d'Erreeche vun den Ziler regelméisseg iwwerpréift gëtt. Dësen Prozess leeft an engem Zyklus, an deem d'Aktiounen an Objektivier mindestens eemol am Joer nei fixéiert ginn.



Publikumsrot

De Publikumsrot vum MSP 100,7 huet am Joer 2024 seng Aarbecht opgehol, esou wéi am Gesetz vum 12. August 2022 virgesinn. Déi zwielef Membere sinn den 29. Februar 2024 eng éischte Kéier zesummekomm. Si waren no engem ëffentlechen Opruff vum Verwaltungsrot ernannt ginn. Bei der Selektioun vun de Membere goug et dem Verwaltungsrot ëm eng gutt gemëschten Zesummesetzung, wat den Alter, d'Geschlecht, d'Regioun vum Land an de sozio-professionellen Hannergrond ugeet, awer och ëm eng Mëschung vu ganz treien a méi geleeëntlechen Nolauschterer an Nolauschterinnen. D'Membere vum Publikumsrot sinn an hirem perséinlechen Numm genannt a vertriee keng Organisatiounen oder gesellschaftlech Stréimungen.

Membere vum Publikumsrot am Joer 2024:

Renata Santini, *Presidentin*

Sofia Vitali Gonçalves

Catherine Jost

Charly Krau

Philippe Majerus

Nadine Martin

Gery Oth

Patrick Pereira

Benjamin Questier

Katharina Rausch

Michèle Schank

Jo Wildschutz

D'Roll vum Publikumsrot ass et der Ekip vum MSP 100,7 en informéierten a kritesche Retour zu de Programmer vun de Radiosenderen **radio 100,7** an **opus 100,7**, esou wéi den Inhalter vun den Internetsäite www.100komma7.lu an www.opus.radio an de mobillen Applicatiounen ze ginn. De Publikumsrot hëlleft dem MSP 100,7 esou, seng Service public Missioun am Sënn vum Public ze erfëllen.

Am Ganzen huet sech de Publikumsrot siwemol am Joer 2024 gesinn. An dësem éischte Joer war seng Aarbecht staark vun der Gouvernance an Organisatioun vun deem neie Gremium markéiert. Den 8. Oktober koum et an deem Kontext zu engem Austausch mam President vum Publikumsrot vum RTR (Radiotelevisioun Svizra Rumantscha), dem rätoromanesche Service public aus der Schwäiz. Weider gouf un engem Règlement d'ordre interne geschafft.

Déi inhaltlech Aarbecht huet virun allem ëm déi nei "Morningshow" vum radio 100,7 gedréit. De Publikumsrot gouf souwuel während de Virbereedungsarbechte vum neie Konzept agebonne wéi och no engem éischte Feedback nom Lancement vum **Moiesstudio** gefrot. Allgemeng gouf dat neit Format begréisst, och wann et Ënnerscheeder gouf tëschent deene Memberen, déi sech moies virun allem informéiere wëllen an deenen, déi de Moie léiwer méi lues uginn. Dës Échange goufe jeeweils mat der Hëllef vu Questionnairen, déi d'Programmdirektioun de Membere vum Publikumsrot ënnerbreet huet, virbereet.

Aner Theemen, mat deenen de Publikumsrot befaasst gouf, waren d'Museksprogrammation an déi nei online Presenz vum radio 100,7 (Internetsite a mobil App).

De Publikumsrot huet sech deemno a sengem éischte Joer reegelméisseg an enger Pleniëre zesummeefonnt an huet eng grouss Reaktivitéit vis-à-vis vun allen Ufroer vun der Direktioun vum MSP 100,7 gewisen. Den Exercice 2024 war geprägt vun engem groussen Engagement vun alle Memberen, wat et dem Publikumsrot erlaabt huet, schonn an dësem éischte Joer senger Roll gerecht ze ginn. Dëse Schwong stellt eng zolidd Basis fir zukünfteg Projeten duer.

Vum Joer 2026 u wäert all Joer een Drëttel vum Publikumsrot nei besat ginn. D'Kandidaten an d'Kandidatinne fir d'Mandater vun dräi Joer wäerten iwwer ëffentlech Opriff gesicht ginn.

De kompletten Aktivitéitsrapport vum Publikumsrot ass op 100komma7.lu publizéiert.



v. l. n. r.: Charly Krau, Benjamin Questier, Gery Oth, Jo Wildschutz, Catherine Jost, Nadine Martin, Patrick Pereira, Sofia Vitali Gonçalves, Renata Santini, Michèle Schank, Katharina Rausch, Philippe Majerus

Programm

D'Saison 2024-25 hu mir eise Programm nach besser un den Alldag vun eisen Nolauschterinnen an Nolauschterer ugepasst.

Tëschent 6 an 9 Auer setzt de radio 100,7 zënter der Rentrée am September verstärkt op Informatioun. De **Moiesstudio** gëtt vu Journalistinnen a Journaliste moderéiert, déi d'Aktualitéit anuerdnen an hannerfroen. D'Christiane Kleer, de Rick Mertens an de Maurice Molitor sinn um Bols vun der Zäit, mat Theemen, déi Lëtzebuerg an d'Welt beschäftegen a beweegen. Mat Interviewen, déi an d'Déift ginn, Reportagen, déi d'Sujete gräifbar maachen an Aschätzungen, déi lech hëllefen, Zesummenhäng ze verstoen a matzeschwätzen.

Als Géigepunkt zum informative Moiesstudio leeë mir am Nomëtteg an der neier Emissioun **Mëttesrascht** de Fokus op déi agreabel Saachen am Liewen. D'Cally Kerschen an de Simon Larosche beschäftege sech mam Liewen zu Lëtzebuerg, mat Popkultur a begleet vum 13 bis 17 Auer mat engem spannende Museksmix mat Klassiker, déi ee frou ass erëmzehéieren an neien Decouverts.



100komma7.lu

*Mir brénge Kloerheet
an Ären Alldag.*

**Rick
Mertens**

**Christiane
Kleer**

**Maurice
Molitor**

**moies
studio**

Besser informéiert an den Dag.

radio
100,7

Meng Inspiratiounsquell

Kanner

Och d'Kannerkëscht - déi digital Lauschteroffer fir Kanner - gouf weider gefëllt, ënner anerem mat Vertoununge vu Gutt-Nuecht-Geschichte vun der Sonja Bintner, neie Geschichte vum Jos a vum Mukami a mat Geschichten, déi Kanner am Kader vu Workshoppe mam Panda Club opgehooll hunn.

Déi nei digital Plattform, déi am September 2023 online goung, gouf 2024 weiderentwéckelt a méi notzerfrëndlech gemaach. Ënner anerem gouf d'Sichfunktioun verbessert, d'Performance optimiséiert an d'Struktur un d'Userverhalten ugepasst. Parallel gouf eng nei mobill Applikatioun entwéckelt, déi am Januar 2025 released gouf. 2023 goufen op der Websäit vum radio 100,7 a vum opus 100,7 2,3 Milliounen Säite geklickt. Den Noriichtenartikel, deen am meeschte gelies gouf, war iwwer 100,7-Recherchen zur Finanzfraude bei der Caritas. Déi Sendung, déi am meeschten ugeklickt gouf, war d'Geschicht "De Singsang an dat pickegt Déier" aus eiser Kannerkëscht.



Affiche vun der Kannerradionuecht 2024



D'Maxi Pesch war Schouklasse während der Kannerradionuecht besichen.

Programm

Aussenoptrëter

A senger Gebuerstdaagssaison war de radio 100,7 vill op der Rull. Virun allem op Eventer am Beräich Musek a Kultur waren eis Mataarbechter:inne mam Mikro ënnerwee. Um Siren's Call an um Koll an Aktioun war 2024 fir d'éischte Kéier d'100,7-Karaoke-Band am Asaz. Niewent dem Out of the Crowd an de Congés Annulés ware mir och op der Fête de la Musique, wou mir aus der Stad Lëtzebuerg a vun Diddeleng Emissiounen iwwerdroen hunn. Och um Blues an Jazz Rallye ware mir 2024 present.

Am Beräich Literatur waren déi grouss Rendezvouses d'Walfer Bicherdeeg, de LiteraTour zu Beetebuerg an am Ausland d'Leipziger Buchmesse an de Festival Étonnants Voyageurs zu St Malo. Wichteg kulturell Rendezvouse waren 2024 och nees de Luxembourg City Film Festival, de Film Festival zu Cannes an d'Konschtbiennale zu Venedeg.

Mauvais élève

Nom Succès vum 100,7-Podcast **Schlechte Schüler**, deen Enn 2022 erauskoum, hu mir am Joer 2024 déi ganz Staffel mat hire sechs Episoden och op Franséisch erausbruecht. D'Recherche vum Pia Oppel a Pierre Reyland huet nämlech erausfonnt, datt de Multilinguismus an der Lëtzebuerger Gesellschaft d'Hapterausfuerderung ass fir e gerechte Schoulsystem. An dofir hu mir decidéiert, dee Podcast op Franséisch unzebidden: Fir et och Leit, déi kee Lëtzebuergesch verstinn, ze erméiglechen an eis Recherche mat anzedauchen.

→ [Podcast lauschteren](#)

Europawalen

Den 9. Juni 2024 war mat den Europawalen déi lescht Episod vun enger grousser Walserie zu Lëtzebuerg. No de Gemengen- a Chamberwalen am Joer 2023 huet de Grand-Duché, wéi déi aner EU-Memberlänner och, am Juni 2024 seng Verrieder:inne fir d'Europaparlament designéiert. D'Noriichterredaktioun vum radio 100,7 huet déi wichteg Europawale während Méint thematiséiert: ë. a. an den Neiegkeeten an an der Rubrick **Europa Aktuell**, mat besonneschem Asaz vu sengem Réseau un Auslandskorrespondenten a -korrespondentinnen, mat virop der EU-Korrespondentin Danièle Weber.



D'100,7-Karaoke-Band (Pol Belardi & Niels Engel) um Koll an Aktioun



Rico Querin um 100,7 Air Break an de Rotonden während dem Congés Annulés Festival



Visiteuren um Siren's Call am Neimënster



Nicolas Calmes a Jeff Schinker op der Fête de la Musique an der Stad



D'VaLibrairie op de Walfer Bicherdeeg

Musek

2024 war nees e spannend musikalescht Joer an eis Museksredaktioun huet mat vill Begeeschterung gelauschtert, gefiltert a rezenséiert, fir Iech um Enn déi wichtegst Pärelen op d'Oueren ze bréngen. Op Festivalle wéi dem Koll an Aktioun a Siren's Call war eis 100,7-Karaoke-Band (Pol Belardi & Niels Engel) am Asaz an huet live viru Publikum Museker:inne wéi AEM, Hannah Ida an Nicool mat Charme begleitet. Während de Congés Annulés an de Rotondë war de Mike Tock als MC vun eisem Museksquiz aktiv an op eisem Airbreak Event hu mir Lëtzebuenger Acts wéi Don Piano an Ice In My Eyes op d'Bün bruecht.

Musek vu Lëtzebuerg

Déi Lëtzebuenger Musekszeen ass eis wichteg. Duerfir ënnerstëtze mir eis lokal Museker:innen, andeems mir si an d'Vitrinn stellen. Op d'mannst ee Lidd pro Stonn kënnt vu Lëtzebuerg, wat um Enn 15 Prozent vun eisem Programm ausmécht. Highlighte vun 2024 waren déi nei Placke vu C'est Karma a Francis of Delirium, a Produktiounen vun Tuys, Florence Besch, Ninon a Claire Parsons.

Aircheck Sessions

Eng zousätzlech Plattform fir déi Lëtzebuenger Musekszeen bidde mir an eisen Aircheck Sessions. All Mount invitéiere mir Museker:innen aus Lëtzebuerg bei eis an de grouse Studio fir eng live Performance. Si spillen eis zwou eege Kompositiounen an e Cover vun engem aneren Act aus Lëtzebuerg. Dat Ganzt gëtt live iwwerdroen a gefilmt. 2024 waren Triana y Luca, Nea Lone, The Aquatic Museum, Them Lights, Daniel Migliosi Quintet, C'est Karma, Daniel Balthasar a Francis of Delirium bei eis am Studio. Performancen, déi ee bei eis um Site nolauschteren a kucke kann.

Eurosonic Showcase Festival

Eng vun de gréisste Chancë fir eng musikalesch Karriär op den nächsten Niveau ze bréngen ass virun engem professionelle Public am Ausland ze spillen. Wéi zum Beispill vum Eurosonic Festival zu Groningen an Holland. Do trieden nei Talenter viru Booker, PR-Agencen, Management a Labelen op a versichen nei Kontakter ze maachen. Als Member vun der EBU schéckt de radio 100,7 all Joer een Act aus Lëtzebuerg dohin. Am Januar 2024 stoung fir eis C'est Karma op der Bün an huet d'Occasioun genotzt fir op d'Release vun hirem neien Album am September hinzeschaffen.



C'est Karma an der 100,7 Aircheck Session



CHaILD um Eurosonic Showcase Festival zu Groningen

Klassik

D'Joer 2024 war vun enger ganzer Rei Highlighte markéiert, sief et duerch d'Live-Iwwerdroung vum Prix Anne et Françoise Groben, der Annonce, datt de jonke Lëtzebuergeschen Cellist Benjamin Kruithof de Young Artist of the Year vun den International Classical Music Awards 2025 (ICMA) ass oder dem Launch vun den éischten zwee opus 100,7-Podcasten. Déi zweet Hallschent vum Joer stoung doriwwer eraus ganz am Zeeche vum Développement en vue vun enger eegener Offer fir den Online-Radio opus 100,7. Dëst geet Hand an Hand mat der Decisioun d'Emissioun Resonanzen net méi all Dag vun der Woch ze diffuséieren an d'Interviewe ronderëm d'Klassikzeen zu Lëtzebuerg dofir an der Emissioun Kultur um 5 ze placéieren.

Concerten

Ronn 90 Concerte goufen 2024 vum a fir de radio 100,7 op ronn 20 verschiddene Plazen uechter d'Land opgehol. Dorënner sinn d'Bridderhaus zu Esch, de Mierscher Theater oder och de Cube 521 zu Maarnech. Am Programm vertruede si souwuel déi grouss Orchestere vu Lëtzebuerg, wéi de Luxembourg Philharmonic, den Orchestre de Chambre du Luxembourg (OCL), d'Solistes Européens, Luxembourg (SEL) an den Orchestre National des Jeunes du Luxembourg (ONJ), wéi och Ensembelen aus dem Beräich vun der Kammermusik. Dank de Partneriater mat den dräi Conservatoires am Land ginn och regelméisseg d'Concerte vun hiren Enseignanten um radio 100,7 diffuséiert.

19 Concerten huet de radio 100,7 am Joer 2024 live iwwerdrouen, dorënner fir déi éischte Kéier e Concert vum OCL an e Concert aus der Serie Rising Stars aus dem Kammermusiksal vum der Philharmonie. Sechs vun dëse Live-Concerten huet de radio 100,7 zesumme mam SR Kultur diffuséiert - dräi dovun aus der Congresshalle zu Saarbrécken mat der Deutschen Radio Philharmonie. E besonneschen Highlight war d'Live-Iwwerdroung vun zwee Concerte mam Pianist an Dirigent Rudolf Buchbinder, dee sämtlech Concertoe vum Ludwig van Beethoven interpretéiert huet. Duerch d'Opname vum radio 100,7 konnten och eng ganz Rei Kompositiounen aus Lëtzebuerg veréiwegt ginn, wéi zum Beispill d'Uropféierung vum Claude Lenners sengem Orchesterwierk "out of the blue" oder dem Ivan Boumans sengem "Konzertstück für Orgel und Kammerorchester". Aner Komponistinnen a Komponisten aus Lëtzebuerg, déi opgehol goufen, waren d'Tatsiana Zelianko, de Félix Turrion Eichler, den Olivier Darteville, d'Albena Petrovic, d'Helen Buchholtz, de Pierre Nimax an d'Nigji Sanges.

Als Member vun der European Broadcasting Union kann de radio 100,7 sengen Nolauschterinnen an Nolauschterer net nëmme Concerte vu renomméierten Artisten aus dem Ausland offréieren, mee och anere Sender seng eegen Opnamen zur Verfügung stellen. Doduerch gouf de Luxembourg Philharmonic 2024 35 Mol op Radiostatiounen am Ausland gespillt, dorënner Korea, Holland, Brasilien, Groussbritannien, Spuenien an Däitschland. Gläichzäitig konnt de radio 100,7 och Concerten aus dem Ausland vun talentéierte Lëtzebuerger Artistinnen an Artiste spillen, wéi zum Beispill ee vum Pianist Francesco Tristano zu Vilnius oder der jonker Perkussionistin Julie Scheuren, déi als Member vum Royal College of Music Symphony Orchestra bei de BBC Proms an der Royal Albert Hall opgetrueden ass.

opus
100,7



De Radiosender fir kllassesch Musek zu Lëtzebuerg

Lëtzebuergesch an international
Concerten **ëmmer an iwwerall**
an eiser Mediathék



f facebook.com/opus100k7

op opus100komma7

www.opus.radio

Klassik

De Nowuess ënnerstëtzen


Der Klassik-Ekipp vum radio 100,7 ass et wichteg den Nowuess zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen an him eng Plattform ze ginn. Dofir huet den opus 100,7 ganz enk mam OCL zesummegeeschafft, fir de Prix Anne et Françoise Groben live um Radio ze iwwerdroen an och op der Bün ze moderéieren. Fënnf Finalistinnen a Finalisten tëschent 18 an 22 Joer konnten hei hiert Talent ënner Beweis stellen. Doriwwer eraus kritt den Cellist Benjamin Kruithof op Nominatioun vum ICMA-Member radio 100,7 den Arward vum Young Artist of the Year 2025 a kann dofir den 19. Mäerz 2025 zesumme mat den Düsseldorfer Symphoniker beim Gala-Concert optrieden. Doriwwer eraus huet de radio 100,7 och déi éischt Auslandstournée vum ONJ couvréiert, andeems eng Journalistin mat an Holland gefuer ass a Reportagen op der Plaz realiséiert huet.

Podcasten / Programm

2024 huet den opus 100,7 déi éischt zwee Podcaste lancéiert. Deen éischten mam Titel **The Dora Journey**, exploréiert d'Liewe vun der Komponistin Dora Pejacevic zesumme mam Lëtzebuerger Ensembl Trio Dora. Am Podcast **Hanner den Téin** mam Dirigent Pit Brosius dréit sech alles ronderëm déi Nei Musek zu Lëtzebuerg. An der Emissioun Kutur um 5 stellt d'Klassik-Ekipp all Dag vu méindes bis freides ee Projet aus der lëtzebuerger Musekszeen an de Mëttelpunkt. Am Joer 2024 waren dorënner 13 Klassik-Albumen aus Lëtzebuerg.

Follow us

Zanter September 2024 ass den opus 100,7 och op Facebook an Instagram vertrueden.



Technik / IT

2024 war de Service technique u ville verschiddene Projete bedeelegt. Am Beräich vun de Mataarbechter:innen hu mir e jonke Systemingenieur mat vill Erfahrung agestellt, dee seng Radioskarriär virun aacht Joer als Freelancer bei eis ugefaangen hat, éier hien op anerer Plaz Erfahrung gesammelt huet. Mir hunn och e Plang opgestallt, fir eng Persoun no eise Besoinen auszubilden an d'Tâchë vun deenen eenzele Leit goufe méi prezis formuléiert.

Den Haaptprojet, dee sech nach iwwer déi nächst zwee Joer zitt, ass d'Erneuerung vun den DHD-Meschpulten. Dëse Projet setzt op e kreislafwirtschaftlechen Usaz. Nëmme déi Deeler ginn ersat, déi och wierklech ersat musse ginn. De Kär-Ekipement gëtt renovéiert a mat modernster Technik op de leschte Stand bruecht.

Zousätzlech hu mir eis iwwer zéng Joer al UPS (Noutstrom) duerch een neien, modulare System ersat an eisen ufällege physischen Zougangssystem duerch een ersat ouni bekannt Sécherheetslächer.


Mat der Unzuel u Mataarbechter:innen déi wisst, hu mir eise Pool u Computeren ausgebaut an deelweis erneiert, ëmmer mat engem Fokus op d'Prinzipie vun der kreislafwirtschaftlecher an nohalteger Ekonomie.

Am Kader vun dësen Efforte gouf eng gréisser intern Reorganisatioun duerchgefëhrt, mat der Schafung vun engem neien Newsdesk mat ënner anerem an der Héicht verstellbare Schaffplazen.

Den zweete Stack am Radiosgebai huet och eng Ëmgestaltung erlieft, bei deem dee grouse Konferenzsall an zwee gedeelt gouf: ee groussen an ee méi klengen Konferenzsall, ekipéiert mat engem elektronnesche Reservatiounssystem, Videokonferenz an esou besser ugepasst un eis wuessend Besoinen.

Gläichzäiteg hu mir éischt Tester fir d'Migratioun op Windows 11 a Microsoft 365 duerchgefëhrt - e Prozess, deen an engem privaten Ëmfeld einfach, awer an engem geschäftleche mat villen Erausforderunge konfrontéiert ass.

Eis Coderen, déi héichqualitativ Verbindungen tëschen Studioen an och Telefonsinterviewen erméiglechen, goufen duerch e System ersat, dee speziell op eis Besoinen zougeschnitten ass. Weiderhin hu mir verschidden intern Entwécklungen realiséiert, vun deenen e puer eenzegaarteg an der Radiosindustrie sinn. Dës Innovatiounen hunn ënner anerem d'Grundlag fir eis nei App geluecht, déi Ufank 2025 entwéckelt a lancéiert gouf.



Ressources Humaines

Mataarbechter:innen

De Média de service public 100,7 huet d'Joer 2024 mat 65 feste Mataarbechter:innen ofgeschloss, dovun 42 % Fraen an 58 % Männer. 2023 waren et 59 Mataarbechter:innen. A Vollzäitplazen (ETP) ausgedréckt ass d'Zuel vun 52 op 59,3 geklommen. Dës Hausse ass bedéngt duerch déi geplangten a budgetiséiert Kreatioun vu Posten am Joer 2024 an 2025. 2024 goufen 10 nei Mataarbechter:inne um radio 100,7 agestallt a 4 hunn d'Haus verlooss.

Besonnenesch erausstécht dee vill ze fréien Doud vun eisem geschate Mataarbechter a Frënd Philippe Hansen. De Philippe war zanter 2011 als Museksredakter an Animateur fir de Radio tätég fir d'Emissiounen **Espresso Beats** an **Thé dansant**, souwéi reegelméisseg an der Sendung **Kultur um 5**. Virdrun huet hien aktiv an de Sendunge **Virum Dag**, **Radiopolis**, **Chaise-Lounge**, **Ënnerwee** an **Iwwer Land** matgeschafft. Iwwer all déi Joren huet de Philippe d'Museksprogrammation vum 100,7 matgepräagt.

Mir wëllen un dëser Plaz nach eemol dem Philippe a senger Famill gedenken.



Philippe Hansen

Ressources Humaines

Wiessel an der Chefredaktioun

D'Journalistin Christina Heidt a d'Christiane Kleer hunn den 1. Januar 2024 d'Funktioun vun de stellvertredende Chefredakterinnen iwwerholl. D'Christina Heidt ass zënter 2017 Deel vun der Ekipp, d'Christiane Kleer zënter 2015. Als Cheffinne vum Déngscht hu si an de leschte Joren dozou bäigedroen d'Redaktioun am Alldag ze leeden.

D'Pia Oppel, Journalistin a stellvertredend Chefredakterin an de leschte siwe Joer beim radio 100,7, krut 2024 den Optrag eng Feature-Strategie auszeschaffen fir journalistesch Dokumentatiounen, déi d'Mënsche beréieren. Domat huet d'Pia Oppel seng Funktioun als stellvertredend Chefredakterin opginn.

Grille de salaire

2024 huet de radio 100,7 eng Grille de salaire fir seng Mataarbechter:innen ageféiert. D'Zil ass et Transparenz a Previsibilitéit iwwer de Karriärsverlaf ze schafen an Ongläichheeten, déi iwwer d'Joren duerch ënnerschiddlech Ufanksgehälter entstane sinn, ze redresséieren.

Kompetenzen a Formatioun

De Média de service public 100,7 leet grouss Wäert op d'Ausbildung vun der nächster Generatioun vu Journalist:innen.

2024 gouf deem drëtten radio-100,7-Volontariat ausgeschriwwen, en zweejäregen Ausbildungsprogramm, dee Praxis an Theorie, Tutorat a formell Formatioun, in-house an international Expérience verbënnt. Et goufen direkt 2 Kandidaten a Kandidatinnen zeréckbehalen.

D'Sophie Schroeder, déi éischt Volontairin vum radio 100,7, gouf am Oktober 2024 nom erfolgräichen Ofschloss vu sengem Volontariat fest agestellt.

Fir déi professionell Defie mat den néidege Kompetenzen unzegoen, investéiert de Média de service public 100,7 konsequent an d'Weiderbildung vu sengem Personal.

2024 ass dofir e Budget vu 56.625 Euro genotzt gi fir Formatiounen, Weiterbildungen a Workshoppe mat externen Traineren an de Beräicher journalistesch Kompetenzen, Stëmmcoaching, Softskills, Management, IT an technesch Skills.

Fir déi verschidde Beruffer vun engem Medienhaus kennenzeléieren, kruten 30 jonk Studenten a Studentinnen d'Méiglechkeet e Stage oder e Studentenjob um radio 100,7 ze maachen, dëst an der Noriichterredaktioun, am Online-Departement, an der Kultur, an de Museksredaktiounen an an der Animatioun.



Christina Heidt

Christiane Kleer

Pia Oppel

Sté Bisenius (Volontariat)

Jo Welfringer (Volontariat)



Gouvernance

De MSP 100,7 ass eng onofhängeg ëffentlech-rechtlech Kierperschaft, déi duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwer déi elektronesch Medie geschafe gouf an haut vum Gesetz vum 12. August 2022 encadréiert gëtt.

De Verwaltungsrot huet néng Memberen, dorënner sechs, déi onofhängeg sinn, déi representativ fir dat soziaalt a kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg sinn, an dräi Staatsvertrieder:innen.

D'Programmation vum radio 100,7 steet ënner der Responsabilitéit vum Direkter, deem den aldeegleche Betrib vum radio 100,7 féiert.

Den 31. Dezember 2024 war de Verwaltungsrot aus dëse Membere zesummegeesat:

- Véronique Faber, *Presidentin*
- Tania Brugnoli (*Staatsvertriederin*)
- Josée Hansen
- Tom Hermes
- Raphael Kies
- Steph Meyers
- Pierre Reuter
- Max Rosen (*Staatsvertrieder*)
- Thierry Zeien (*Staatsvertrieder*)

Regierungskommissärin: Céline Flammang

Verwaltungsrotssekretärin: Pia Betz

Direktioun

Jean-Lou Siweck, *Direkter*

Sekretariat

Patricia Weber, *Responsabel Administratioun*

Redaktioun

Jean-Claude Franck, *Chefredakter*

Christina Heidt, *stellvertriedend Chefredakterin*

Christiane Kleer, *stellvertriedend Chefredakterin*

Rick Mertens, *Koordinatioun aktuelle Magasinn*

Pia Oppel, *Koordinatioun Features*

Chris Zeien, *Koordinatioun Digital*

Musek

Luc Boentges, *Responsabel kllassesch Musek*

Jamie Reinert, *Responsabel net-kllassesch Musek*

Jeff Schinker, *Koordinatioun Musek & Kultur*

Programm

Yves Stephany, *Programmchef*

Technik & IT

Pascal Tesch, *Responsabel vum Service technique*

Chris Simon, *Koordinatioun Technik-Betrib*

Kommunikatioun

Semir Demic, *Responsabel Kommunikatioun*

Ressources Humaines

Richard Thilmann, *Responsabel Ressources Humaines*



Rapport d'activités 2024

L'exercice 2024 était le premier pour le Média de service public 100,7 sous le régime de la troisième convention de financement pluriannuelle avec l'Etat, couvrant les années de 2024 à 2030 inclus. Grâce aux moyens supplémentaires, les effectifs ont pu être augmentés à 65 collaborateurs salariés, exprimé en équivalents temps plein (ETP) de 52 à 59,3.

Au regard de la stabilité à moyen terme assurée par la convention, le MSP 100,7 s'est doté d'une stratégie pour les exercices 2024 à 2028, axée autour de la mission « Nous accompagnons le Luxembourg tout au long de la journée. Nous informons et inspirons. La radio au service de l'intérêt général. » Au terme du processus, nous visons de nous rapprocher au plus près de notre vision: « Nous mobilisons, enthousiasmons et marquons le Luxembourg, jour après jour. » Les priorités arrêtées concernent l'accroissement des audiences, la transformation numérique, l'élargissement de l'offre et la prise en compte de la diversité de la société luxembourgeoise.

Fidèle à sa mission de service public et à l'importance accordée à l'information, la radio 100,7 a fait évoluer sa matinale dans le cadre du format **Moiesstudio**. Animée par des journalistes de la rédaction d'actualité, la nouvelle matinale offre non seulement plus d'actualité, mais vise à l'étoffer par du contexte et offrir les clés permettant aux auditeurs et auditrices d'en saisir la signification et l'impact sur leur vie quotidienne.

La programmation musicale se distingue toujours par la place accordée aux artistes du Luxembourg (15% sur radio 100,7). C'est vrai aussi pour la station de musique classique opus 100,7 (27%) qui prépare ses prochaines étapes : des émissions en direct dès la rentrée 2025 et la radiodiffusion numérique dès la disponibilité du DAB+ au Grand-Duché.

L'exercice 2024 était aussi marqué par la mise à profit de la nouvelle plateforme numérique du MSP 100,7 avec les sites web 100komma7.lu et opus.radio. Le développement des nouvelles applications mobiles a bien avancé et verra leur mise en ligne en 2025. Au niveau des contenus, au-delà d'une offre élargie tant d'émissions radio que d'articles écrits, les podcasts originaux, produits pour une distribution par internet, prennent une place centrale dans l'élargissement des offres du MSP 100,7. Avec **Mauvais élève**, une enquête journalistique en six épisodes sur le défi du multilinguisme dans l'école luxembourgeoise, la radio 100,7 a pour la première traduit un format existant en langue française. opus 100,7 a pour sa part produit le podcast **The Dora Journey** et lancé le format d'interview **Hannert den Téin**. L'offre d'histoires à écouter pour enfants en luxembourgeois continue d'être enrichie dans la **Kannerkëscht** sur 100komma7.lu et dans l'application mobile.

Autre nouveauté de l'année 2024 : le conseil des auditeurs du MSP 100,7 s'est constitué et a commencé à fournir des retours sur les programmes aux équipes des stations de radio.

Au niveau financier, l'exercice s'est clôturé sur un excédent de 972.285 euros après un déficit de -404.271 euros en 2023. La situation financière de l'établissement public reste dès lors saine et permet d'aborder la mise en œuvre de la stratégie avec sérénité.

Media de service public 100,7
Etablissement public

**COMPTES ANNUELS ET RAPPORT
DU REVISEUR D'ENTREPRISES AGREE**

31 DECEMBRE 2024



RAPPORT DU RÉVISEUR D'ENTREPRISES AGRÉÉ

Au Conseil d'Administration du
Média de Service Public 100,7
Etablissement public
21A, Avenue J.F. Kennedy
L-1855 Luxembourg

Opinion

Nous avons effectué l'audit des comptes annuels de Média de Service Public 100,7, (ci-après «l'Etablissement»), comprenant le bilan au 31 décembre 2024 ainsi que le compte de profits et pertes pour l'exercice clos à cette date, et les notes aux comptes annuels incluant un résumé des principales méthodes comptables.

